# August 2010 N°25





# Fëschber Gemengeblat

Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mitarbeiter: Camille Kohn, Patrick Delmarque, Marie-Louise Haas-Erpelding, Luss Karier, Jeff Braun, Brigitte Wampach, Michèle Wagner, Christiane Kirtz, Olivier Molitor.

Druck:
Faber-Print services & solutions Mersch

Seite 1: G.-D. Charlotte
Seite 2: Inhaltsver. & Virwuert
Seite 3: Police Grand-Ducale
Seite 4: Gemengesëtzung
Seite 5: USA-Botschaft
Seite 6: 1. Mee
Seite 7: Kommioun 2010
Seite 8: Drogen - Mäi Kand net!
Seite 9: Drogen - Mäi Kand net!
Seite 10: Gemengesëtzung
Seite 11: Ausfluch op Koblenz
Seite 12: Gemengesëtzung
Seite 13: Nationalfeierdag
Seite 14: Oppe Gaardepäertchen
Seite 15: Oppe Gaardepäertchen
Seite 16: Pompjeeën, Porte Ouverte
Seite 17: Réibock zu Angelsbierg
Seite 18: RIM-Computerkurse
Seite 19: RIM-Computerkurse
Seite 20: Hobby-Seite - Inborn
Seite 21: Hobby-Seite - Inborn
Seite 22: Grillfest
Seite 23: Bauchtanz-Coursen
Seite 24: Schoulfest
Seite 25: Schoulfest
Seite 26: Schoulfest
Seite 27: Schoulgaart
Seite 28: G.-D.- Charlotte
Seite 29: G.-D.- Charlotte
Seite 30: Mierscher Lieshaus
Seite 31: Olivier Molitor - Wildtiere
Seite 32: Rallye régional à vélo

Titelphoto: D'Grande-Duchesse Charlotte um Waasserhaff, fotograféiert vum Abbé Norbert Manderscheid.

Letzte Seite: Rallye régional à vélo

Redaktiounsschluss fir d'Blat 26 as den 29.11.2010

# Virwuert

Léif Biergerinnen a léif Bierger,



et ass endlech Summer ginn a vill vun eis kënnen eng Paus maachen fir ze raschten a sech ze erhuelen. D'Kanner mussen net an d'Schoul, et si keng Prüfungen, d'Noexame kommen eréischt am September.

Am Gemengen- a Schäfferot huelen mir eis e wéineg Zäit, fir iwwert Projeten nozedenken, se ze plangen an evtl. ze änneren, fir bei der Rentrée am September mat neiem Elan di verschidden Erausfuederungen unzehuelen.

Zu Schous kritt di al Schoul definitiv en neit Gesicht. Éischt Aarbechte si scho gemeet an nom Congé collectif geet et richteg lass. No dëser Realisatioun kënnen do 40 net scolariséiert Kanner vun 3 Méint bis 4 Joer versuergt ginn.

D'Aarbechten un der Bierengerbiergerstrooss zu Angelsbierg gi gutt weider.

Zu Fëschbech schaffe mir de Moment ganz vill mat eisem Bureau un der Faassung vun enger zweeter Drénkwaasserquell. Mir gewannen vill nei Erkenntnisser a setzen alles drun, Iech eist eegent Drénkwaasser weiderhin kennen ze liwweren.
Vill Aarbecht ass awer och ronderëm an um Kierfecht zu Fëschbech. D'Mauer huet misse stabiliséiert ginn, de Parking gëtt aménagéiert an et kënnt en Ënnerstand dohinner.

De Bau vun der interkommunaler Schwämm ass amgaang a mir denken, dass eis Kanner an 18 Méint kënnen dohinner schwamme goen.

Et wäerden an noer Zukunft 2 Autopédestren an eiser Gemeng ausgewisen ginn; de September fänken d'Renaturéierungsmoossnahmen an d'Réalisatioun vun der Velospiste PC5 laanscht d'Ernz un.

Iech alleguer wënschen ech nach eng schéi Vakanz, de Schüler a Studenten e gudde Start an d'Schoul am September a bis geschwënn.

Marianne Brosius-Kolber

# Commissariat de Proximité de Larochette



### Commissariat de Proximité de Larochette

41, rue Osterbour
b.p. 7 / L - 7601 Larochette

Tel: 24494 - 200
Fax: 24494 - 299

### Heures d'ouverture CP: Larochette

| Jour | matin | aprés-midi |
|---|---|---|
| Lundi: | 8-10 | 16-18 |
| Mardi: | 8-10 | 16-18 |
| Mercredi: | 8-10 | 16-18 |
| Jeudi: | 8-10 | 16-18 |
| Vendredi: | 8-10 | 16-18 |



THEISEN Pierre
Commissaire en chef



THEISEN Carole
Commissaire



Van DYCK Alfred
Premier inspecteur



LACOUR Mike
Premier inspecteur



REHLINGER Loïk
Inspecteur adjoint

### En cas d'urgence

Centre d'Intervention Principal de Mersch
Ouvert 24/24 heures 7 jours de la semaine.

Tel: 49979 - 500
Fax: 49979 - 599

**Pour toute urgence: 113**

**adresse:**
4a, rue de Colmar - Berg
b.p. 85 / L - 7501 Mersch

### Les attributions d'un commissariat de proximité

- Prise en charge d'affaires et plaintes
- Garantie d'une présence visible
- Recherche du contact avec les acteurs de la vie quotidienne
- Patrouilles de prévention et de surveillance
- Contrôle des stationnements dangereux et des endroits sensibles
- Recherche de voitures volées/abandonnées, de décharges illégales, de personnes signalées et de renseignements servant généralement d'aide aux autres services.
- Surveillance de l'entourage des écoles, des espaces verts, des commerces et de la circulation locale.
- Application du règlement communal
- Assistanceàlapopulationengénéraletplusspécifiquementauxpersonnes géeset handicapées.
- Disponibilité générale à l'information du public.

# Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 15 avril 2010

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Spautz, Spiewak-Lorang, Trausch

**Les décisions 1 à 15 ont été prises à l'unanimité des membres présents.**

1) ***Est approuvé le compte-rendu de la séance du 4 mars 2010.***

2) Est nommée Madame Liliane BRAUN-BLESER de Weyer au poste vacant au sein de l'Office social de la commune de Fischbach.

3) Est acceptée la démission de Monsieur Ilan Schneider de Fischbach comme membre de la commission consultative culturelle.

4) Est approuvée la convention entre la commune de Fischbach et la société COPROM S.A. de Mersch concernant le ***relotissement de trois lots destinés à la construction de trois maisons en bande en quatre lots destinés à la construction de deux fois deux maisons jumelées de type unifamilial***.

5) Est approuvé le devis au montant de 75.900,00 EUR ttc présenté par le bureau d'études LUXPLAN S.A. de Capellen relatif à l'installation d'une station de traitement et de mesures dans la station de pompage à Fischbach et des regards à Stuppicht et Schiltzberg.

6) Est approuvé le devis au montant de 170.000,00 EUR ttc présenté par l'ingénieur-technicien Romain Beckers relatif à l'aménagement de la place de l'église à Fischbach en parking.

7) Est approuvé le devis au montant de 195.000,00 EUR ttc présenté par l'ingénieur-technicien Romain Beckers relatif à la construction d'une morgue et de colombariums au cimetière à Fischbach

8) Est approuvé :
- un devis au montant de 928.050,00 EUR ttc (honoraires compris), présenté par le bureau d'études GEOCONSEIL S.A. concernant le captage de la source Laangegronn et le raccord au réseau d'eau potable de la commune
- un crédit extraordinaire supplémentaire au montant de 50.000,00 EUR à imputer sur l'article budgétaire 4/0740/2143/003 de l'exercice 2010.

9) Est approuvé :
- un devis au montant de 100.000,00 EUR ttc, présenté par l'ingénieur-technicien Romain Beckers concernant le renouvellement partiel de la conduite d'eau potable dans le CR125 – traversée de Fischbach
- un crédit extraordinaire supplémentaire au montant de 100.000,00 EUR à imputer sur l'article budgétaire 4/0740/2143/006 de l'exercice 2010.

10) Est approuvé :
- un devis au montant de 40.000,00 EUR ttc, présenté par l'ingénieur-technicien Romain Beckers concernant l'aménagement des alentours derrière le « Veräinshaus » à Schoos
- un crédit extraordinaire supplémentaire au montant de 40.000,00 EUR à imputer sur l'article budgétaire 4/0720/2163/002 de l'exercice 2010.

11) Est approuvé le décompte relatif aux travaux de construction et d'aménagement d'un centre intégré pour personnes âgées à Mersch au montant de 117.748,89 EUR ttc.

12) Est approuvé le rôle des recettes concernant la taxe sur les chiens pour l'exercice 2010 au montant total de 4.360,00 EUR.

13) Est voté un crédit supplémentaire au montant de 12.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire ordinaire 3/0822/6324 – Subventions aux associations (Ecole de musique).

14) Est voté un crédit supplémentaire au montant de 5.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire extraordinaire 4/1212/2001/001 – Etude et adaptation du règlement communal de circulation.

15) Est voté un crédit supplémentaire au montant de 8.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire extraordinaire 4/0740/2001/004 – Création d'un réseau d'eau potable intercommunal.

16) Est allouée une cotisation annuelle de 150,00 EUR à l'association LUXEMBOURG AMERICAN CULTURAL SOCIETY (à six voix contre une).

17) Divers.

# Amerikanische Botschaft
## ehrt unsere Gemeinde

Kürzlich wurde unsere Gemeinde von der amerikanischen Botschaft mit einer US-Flagge beschenkt.
Hierzu hatte die amerikanische Gesandtschaft in Luxemburg die Damen Susan Pohl von der “Political Military Section” sowie Patricia Reckel der “Public Affairs” entsand.
Im Gemeindehaus bekam Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber das Sternenbanner aus den Händen von Susan Pohl überreicht.
Im Anschluss an diese Ehrung besichtigten die beiden Damen in Begleitung unserer Bürgermeisterin und Herrn Camille Kohn, eine von der “Allied Military Vehicles Drivers” gestiftete Gedenktafel zu Ehren der amerikanischen Befreier, die in Stuppicht am 24. August 1985 im Beisein vom damaligen US-Gesandten S.E. John E. Dolibois dort eingeweiht wurde.

Text: Ren Spautz & Fotos: L. Wort





# Éischte Mee



Wéi all Joer waren erëm eng hellewull Schéisser Leit ënnerwee, fir mat de Wiichtelcher e Meekranz ze bannen. Et ass flott vun der Hand gaang an d'Resultat war un d'Fändelsstaang virum Veräinshaus op der Héicht gehaange ginn a konnt sech weisen.
Duerno ass nach bis spéit an d'Nuecht eran am Café Angsber Stuff gefeiert ginn.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Georges Brosius

*****

D'Maarkollefen si säit dësem Joer Joer och erëm aktiv um 1. Mee. Zu enger 17 ware si an de Bësch e Meekranz bannen, deen no gemaachter Aarbecht um Veräinshaus zu Fëschbech opgehaang ginn ass.
Mëttes hu mir gegrillt an zesummen nach e puer flott Stonne verbruecht.

Text: Ren Spautz a Foto: Rol Miny



Säit dem leschte Joer huet d'Redaktiounsteam vum Fëschber Gemengeblat déi schéin Traditioun vum Meekranz zu Fëschbech erëm agefouert.
Mir waren zu enger 10 Leit mat Hond, déi sech moies um 10 Auer bei Kaffi a Kichelcher an der Seitert getraff hunn, fir sech esou gestierkt un d'Aarbecht vum Meekranzbastelen ze maachen.
Déi färdeg Kränz gesidd der hei op der Foto, wou mir stolz virdru poséieren, nodeems mer se virun der Gemeng zu Fëschbech opgehaang haten. Mëttes hu mir bei waarm Wirschtercher a Gromperenzalot dëse schéine Brauch ausklénge gelooss.
Wann elo deen Een oder Aneren fir d'nächst Joer Loscht kritt huet, sech eis unzeschléissen, deen ass wëllkomm a soll sech eng Woch virdrun beim Dany Hermes telefonesch mellen.

Text: Ren Spautz a Foto per Selbstauslöser



Kommunion am 2. Mai 2010 in Fischbach: von links nach rechts: Laurie Simon, Kay Brix, Céline Cordobés, Ines Soares Goncalves, Carlos Soares Goncalves, Anne Johann, Mariko Cames, Fabio Gomes Teixeira, Chris Rodesch, Laura Weyrich, Julien Brust

# Kommioun 2010




## Schecküberreichung

Auch in diesem Jahr verzichteten die Kommunionskinder auf einen Teil ihrer Geschenke und spendeten somit insgesamt 2005,- € an das Maison Françoise Dolto.

Dieses Haus ist ein Kinderheim von der Elisabeth-Stiftung für Kinder von 0 bis 3 Jahre, die durch eine Entscheidung vom Gericht zeitweise aus ihren Familien herausgenommen werden müssen. Das Maison Françoise Dolto soll für diese Kinder wie ein Zuhause sein und ist dafür 24/24 Stunden auf. Die Kinder werden von spezialisiertem Personal betreut und versorgt.

Text und Foto: Andrea Wagner
Foto Kommiounskanner: Paul Provost

# Drogen? - Mäi

Ënnert dëser Iwwerschreft haten di 3 Elterevereenegungen vu Fëschbech, Noumer an der Fiels an d'Veräinshaus op Schous invitéiert.



Deen Owend war et de Commissaire Leick vun der Police zu Miersch, deen e Virtrag zu deem heiklen Thema gehalen huet. E séllechen Eltere waren komm, fir him nozelauschteren.
A wie gemengt huet, wann e Polizist eppes verzielt, da wär dat eppes Dréchenes, deen hat sech flappeg geiert.
An engem liewege Stil huet den Här Leick der Assistenz gewisen, wat d'Drogen alles esou mat de Leit a virun allem mat de Jugendlechen kënnen ustellen.

Et war och gutt, datt den Exposé esou flott war, well dat wat een do ze gesinn an ze héire krut, war alles anescht wi lëschteg! Et huet ee mat Momenter schonn eng zimlech robust Astellung gebraucht fir datt et engem net schlecht ginn ass bei deene Beispiller, déi gewisen goufen.



Och di sougenannt legal Drogen kënne Schlëmmes uriichten. Vun den Zigaretten iwwert den Alkohol, de Kaffi oder den Téi bei d'Schnoffelen entstinn net nëmmen Ofhängegkeeten, mee de ganze Kierper kann ugegraff ginn. Dir fëmmt ee Pak den Dag? Abee, no engem Joer hutt der e ganzen Eemer Goudron an iech erageschott! Komasaufen a Wettkatzen a jonke Joer sinn e gudde Garant fir herno zu Ettelbréck ze landen.

De Commissaire Leick huet och e Beispill ginn, wat an de Schoulen ëmmer nees zu Verwonnerung féiert. Op d'Fro: „Wéi stellt dir iech en Dealer vir?“ kommen da meeschtens ongleeweg Blécker, déi nach vill méi ongleeweg ginn, wann een d'Erklärung gëtt: „Den Dealer ass net dee Bleeche, Gourechen, mat dem schwaarze Mantel mat dem eropgeklappte Colli, neen, mee wie seet dann zu iech dir sollt net esou sinn a roueg e Patt drénken oder cool sinn an eng dämpen? Äre gudde Kolleg, de Monni, d'Bomi?“ Wéi gesot, den Här Leick huet gewosst, wéi en eescht Saachen op eng flott Art a Weis un de Mann bréngt.




An dann de roude Fuedem bei allen Droge, legal oder illegal: wat ass den Zweck vun der Übung? Ma ganz einfach: dech esou séier wi méiglech ofhängeg

# Kand dach net!

maachen, fir dass de esou séier wi méiglech esou vill wi méiglech ëmmer nees dovu wëlls an däi Geld deene gëss, di der et verkafen! A fir dat e bësse graff ze soen (dat passt jo zu deem Geschäft): ech wëll räich ginn, a wann et ass, dass du krepéiers!

Bei den illegalen Droge krute mer gewisen, dass dacks dat ronderëm bal grad esou geféierlech ass wéi d'Drog selwer. Fir de Benefice ze steigeren ginn all méiglech oder onméiglech Saache bei di eigentlech Drog gemëscht, sief et Haschisch, Kokain oder Ecstasy. Eng „klassesch" Matière fir ënnert d'Polver ze mëschen ass wi et schéngt gemuelent Glas! A well da jiddereen an der Szene Sue brauch an awer och Droge brauch, fabrizéiert jidderee säi Gemësch an zum Schluss weess een iwwerhaapt net méi wat een hëlt oder sprëtzt. An dann: net iwwerall, wou Ecstasy drop steet ass och Ecstasy dran! Oder ëmgedréit: och wann net Ecstasy drop steet, kann et es awer sinn!

An deen aktuellen Hit si gëfteg Champignonen! An dat ass besonnesch geféierlech, well den Effet trëtt eréischt no enger halwer Stonn an. A wann een dann ongedëlleg ass oder et mengt een et wierkt net an et hëlt een der dann nach, da kann ee sech ausmolen, wat lass ass, wann et bis wierkt! De Commissaire Leick huet verzielt, datt se jonk Leit fonnt hunn, di an der Stad do stoungen d'Fassade vun den Haiser ofzelecken an dat ass nach dat Mannst!! D'Pompjeeën, di ganz normal Kanner op eemol vum Hausdaach hu missen erofhuelen well se gemengt hunn si kënnte fléien oder d'Mamm, di hire Jong fir d'Iesse geruff huet an deen hir un d'Guergel gesprong ass, well e gemengt huet, e Monster kéim op en duer.

Jee, et war net grad erbaulech ze héiren, wat d'Mënschheet mat sengesgläiche esou ustellt.
Datt den Thema awer den Nerv vun den Zuschauer getraff huet, war ganz evident, well nach laang nodeem den eigentlechen Exposé fäerdeg war, war den Här Leick a seng Waliss mat zech Echantillonen ëmmer nach vun interesséierten Leit ëmlagert.

Text: Frank Weyrich
Fotos: Andrea Wagner & Internet







## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 18 mai 2010

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Trausch, Spautz, Spiewak

Le conseil décide à l'unanimité des voix de mettre le point 10) à l'ordre du jour.

**Les décisions 1 à 10 ont été prises à l'unanimité des voix.**

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 15 avril 2010.

2) Est approuvé l'état des restants à recouvrir de l'exerice 2009 en admettant en reprises provisoires les recettes restant à recouvrir au montant de 25.056,66 EUR et en décharges les recettes au montant de 461,22 EUR.

3) Est décidée la création d'un poste définitif – 1P cycle 2,3,4 pour l'enseignement fondamental à partir de l'année scolaire 2010/2011.

4) Est approuvée la PROPOSITION d'organisation scolaire 2010/2011 établie par le comité d'école en collaboration avec la commission scolaire et l'inspecteur d'école, à l'exception de l'alinéa relatif au transport scolaire des enfants du précoce figurant à la page 2
.

5) Est approuvé provisoirement le projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Schoos au lieudit « Op Schleid », présenté en date du 20 mai 2009 par le bureau d'architecture et d'urbanisme Witry & Witry pour le compte des consorts SCHMITZ ET DAEMS et prévoyant la construction de deux maisons unifamiliales.

6) Est approuvé provisoirement le projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Angelsberg au lieu-dit « rue Beringerberg » et visant l'aménagement de deux terrains destinés à la construction de quatre maisons unifamiliales du type jumelé.

7) Est décidé de demander au Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région une prorogation d'un an du délai prévu à l'article 108, paragraphe 1, alinéa 2, de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain (refonte du PAG).

8) a) Sont fixés les taux de l'impôt foncier pour l'année 2011 comme suit :
a) impôt foncier
A : propriétés agricoles et forestières : 320 %
B1 : Constructions industrielles et commerciales : 450 %
B2 : Constructions à usages mixte : 450 %
B3 : Constructions à autres usages : 450 %
B4 : Maisons unifamiliales, maisons de rapport : 165 %
B5 : Immeubles non bâtis autres que les terrains 500 %
à bâtir à des fins d'habitation
B6 : Terrains à bâtir à des fins d'habitations 600 %

b) Est fixé le taux de l'impôt commercial pour l'année 2011 à 300%.

9) Divers

10) Est approuvé le dossier de soumission concernant l'aménagement de la piste cyclable de l'Ernz Blanche PC5 et restauration des prairies humides le long de l'Ernz Blanche, tronçon Soup-Koedange.

# Ausfluch op Koblenz

E Sonndeg, de 4. Juli 2010, hunn déi zwee Veräiner „Gaart an Heem“ an „d'Chorale St-Grégoire“ hiren traditionellen Ausfluch op Koblenz ënnerholl.

Den 1. offiziellen Halt gouf géint 9.00 Auer zu Morbach am Honsréck ageluecht, wou et Kaffi mat Buffet gouf. Zefridden a voll gelueden (!) gong d'Faart iwwer Simmern op Bacharach. Hei hu mer dee Floss erreecht, dee säit Joerhonnerten vun eisen Noperen déi Säit der Grenz sou schéi besong gëtt, nämlech de Rhäin. Zu Bacharach goufe mer géint 11.15 Auer no kuerzer Waardezäit ageschëfft a kuerz drop ass eis Schëfffaart ugaang……St. Goar….Loreley….Boppard….Koblenz.

Ponkt 12.00 Auer gouf et um Schëff z'iessen; et gong un mat enger leckerer Gromperenzopp an duerno gouf ee säftege Schwéngsbrot mat deenen néidegen „Accessoiren“ zerwéiert.

Kuerz no 14.00 Auer si mer zu Koblenz gelant an um lénke Rhäinufer erausgeklomm. Vun hei aus konnte mer d'Festung Ehrenbreitstein gesinn, déi sech héich uewen um Bierg sou opfälleg erhieft, datt si eiser Opmierksamkeet net konnt entgon.

No engem laangen Trëppeltour duerch d‘Hëtzt an eng Onmass vu Mënschen, soutze mir op eemol erëm an eisem Bus; et wor wéi eng kleng Erléisong.

Net laang duerno gouf Maria-Laach ugesteiert. Do hate mer Zäit genuch, déi bekannt Benediktinerabtei aus dem 11. Joerhonnert mat hirer Klouschterkierch a Gäertnerei ze bewonneren, an esouguer ee kille Béierchen ze genéissen.

Spéit am Nomëtteg gouf den Départ ginn fir zréck an d'Ländchen. Mir si kuerz no 19.00 Auer am Hôtel de la Sûre zu Méischduerf/Waasserbëlleg fir d'Nuechtiessen agetraff. Et gouf Ham, Fritten an eng gutt Laitue derbäi.

Du gong et heem! Mir waren all midd, mee zefridden iwwert dat, wat mer erlieft haten.

Text: Camille Kohn a Foto: Marie-Louise Haas-Erpelding



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 14 juin 2010

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Spautz, Braun (présent pour le point 8)
Absent: Kraus, Spiewak

**Le conseil décide à l'unanimité des voix de mettre les points 5 à 8 ) à l'ordre du jour.**

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 18 mai 2010.

2) A huis clos et à la majorité des voix, le conseil accepte la démission de Madame Susen HÖHN, demeurant à 3, rue du Lavoir à L-7430 Fischbach comme membre de la commission consultative culturelle.

3) A huis clos et la majorité des voix, le conseil propose de réaffecter Madame Julie GORZA, née à Luxembourg, le 27/07/1986 et demeurant à 197, rue de Luxembourg à L-7374 Bofferdange au poste vacant d'institutrice ou d'instituteur.

4) A l'unanimité des membres présents, le conseil approuve la convention du 4 juin 2010 conclue entre le collège échevinal et la société Sales-Lentz Autocars de Bascharage ayant comme objet la mise à disposition du service NIGHTRIDER à tous ses habitants.


5) A huis clos et la majorité des voix, le conseil nomme Monsieur Ren Spautz, demeurant à 2A, rue Beringerberg à L-7410 Angelsberg comme nouveau membre de la commission culturelle.

6) A l'unanimité des membres présents, le conseil décide de demander au Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région une prorogation d'un an du délai prévu à l'article 108, paragraphe 3, alinéa 1 et 2, de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain (refonte du règlement des bâtisses).

7) A l'unanimité des membres présents, le conseil approuve l'acte notarié no 649 du 10 juin 2010 entre l'AC Fischbach et l'Administration des Biens de SAR.

8) A l'unanimité des membres présents, le conseil décide de relancer les pourparlers en vue d'une fusion.

*****




# Angsber Schoulkannerbuch

Mir wëllen op dëser Plaaz der Elterevereenegung Gemeng Fëschbech gratuléieren fir hiert Engagement, d'Schoulzeitung erëm anzeféieren.
Ënnert dem Impuls vum Andrea Wagener, Sekretärin vun der Vereenegung, ass e Buch mat 116 Säiten entstan, dat sech weise loosse kann.
D'Schüler, zesumme mat dem Léierpersonal, hu gemoolt, geschriwwen an alles a Fassong gesat, fir esou den Awunner vun eiser Gemeng en Iwwerbléck iwwert hiert Wierken an deene verschiddenen Zyklen ze vermëttelen.
Dat Ganzt ass professionnel an der Dréckerei Faber zu Miersch
op Pabéier gemaach ginn an et war un deene selwechte Kanner fir hiert d'Produkt ënnert d'Leit ze bréngen.
Et kann ee jiddefals elo scho gespaant op déi nächst Veröffentlechung vum Angsber Schoulkannerbuch sinn.

d'Redaktioun vum Fëschber Blat

# Nationalfeierdag









Mike Daems
Verbandsmedaille am Gold (25)

Gilberto Dinis
Verbandsmedaille am Sëlwer (20)

Rol Miny
Croix de mérite am Gold (45)

*Geéiert ginn ass:*

Chris Rodesch, a Vertriedung vu sengem Papp
Outdoor Tennis-Vize-Champion U10

Yannick Zuidberg, Ben Kraus
Dëschtennis-D30 Double Hären





Fotoen: Dany Hermes
a Marc Kolber





Fam. Flick, Angelsbierg

# Oppe Gaar





Fam. Kirtz, Bierengerbierg





Fam. Weber, Angelsbierg





## Fam. Miny, Fëschbech

# depärtchen





## Fam. Welkenbach, Schous

Fotoen:
Marie-Louise
Haas-Erpelding



## C.Weis & R.Wirtz, Angelsbierg

# Porte ouverte-Pompjée

De 27. Juni haten d'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech op eng Porte Ouverte an hire Pompjeesbau op d'Héicht invitéiert. Bei summerlechen Temperaturen konnten d'Leit sech d'Pomjeesmaterial vum Corps aus der Gemeng an dat vun de Pompjeeën an der Protex vum Zenter Fiels ukucken. D'Haaptthema vun dëser Porte Ouverte war de Rauchmelder **- Keen Haus ouni Rauchmelder !** Duerch Filmvirféierungen goufen d'Leit op d'Geforen vu Bränn opmierksam gemaach. Den haarden Alarmtoun vum Dampdetekter warnt d'Leit och am Schlof an hëlleft esou Liewe retten.






Eis Jugendpompjeeë ënner der Leedung vun hire Moniteuren Daems Mike an Daems Pol hu mat enger Läschübung hiert Kënne bewisen. Mat zwou Ugrëffsleitungen gouf d'Läschen vun engem fiktive Brand demonstréiert. D'Handgrëffer souzen an schonns no kuerzer Zäit ass d'Waasser aus de Lanzen gesprëtzt. Um 16.00 Auer huet dunn de Sauvetage an d'Ambulanz aus der Fiels mat fachleche Kommentare vun hirem Zenterchef Patrick Fisch dem Publikum gewisen, wéi bei engem Autosaccident en ageklemmte Chauffer aus senger mësslecher Lag befreit gëtt..
D'Leit konnten sech och ee Bild dovunner maachen, wat geschitt, wann ee Waasser a brennend Fett schëtt, et entsteet eng riseg Stéchflam, déi séier eng Kichen a Vollbrand setze kann. Iwwer dat richteg Feierläschmaterial konnten d'Awunner sech de ganzen Nomëtteg informéieren. Si haten och d'Méiglechkeet, hir Feierläscher ofzeginn, fir vun enger agrééierter Firma kontrolléieren ze loossen.






Fir déi Kleng war de ganzen Nomëtteg fir Ofwiesselung gesuergt. Si konnten sech mat klenge Pompjeesgefierer ameséieren. Duerch praktesch Demonstratiounen goufen si awer och op d'Geforen vu Feier a Knallkierper opmierksam gemaach.



Den Dag gouf mat engem Patt an engem Maufel vum Grill gemittlech ausklénge gelooss.
Mir soen alle Leit, déi eiser Invitatioun nokomm waren, villmools Merci fir hire Besuch. De Kollegen aus der Fiels villmools Merci, datt si sech Zäit geholl haten, fir eis ze ënnerstëtzen.

Mir hoffen Iech all d'nächst Joer bei eisen Aktivitéiten vun eisem 100-järege Bestoen begréissen se kënnen. De geneeë Programm deele mir Iech an der nächster Ausgab vum Gemengeblat mat.

Text: Luss Karier a Fotoen: Marc Kolber

# eën Gemeng Fëschbech

**D'Jugendpompjeeën Gemeng Fëschbech**



**Sauvetage Gemeng Fiels**



*****

# E Réibock zu Angelsbierg
## fotograféiert vum Luss Karier









**Regional Initiativ Mëllerdall-RIM asbl.**
**30, route de Wasserbillig**
**L-6490 Echternach**

# Computerkurse - an Workshop 2010-2011

| Computerkurse | Ort | Tag | Beginn | Uhrzeit | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Digitale Bildbearbeitung**<br>Für Anfänger „GIMP" oder „Picasa"<br>Bearbeitung von Photos am PC (8x2 St = 100€) | Consdorf<br>Nommern | Mo<br>Mo | 27.09. – 22.11.2010<br>04.10. – 29.11.2010 | 14:00-16:00<br>19:30-21:30 | |
| **Einführung PC 1 für Berufsrückkehrer**<br>(8x2 St = 100€) | Beaufort<br>Rosport | Mi<br>Mo | 21.10. – 15.12.2010<br>11.10. – 06.12.2010 | 19:00-21:00<br>19:00-21:00 | |
| **Excel 1**<br>Tabellenkalkulation für Anfänger (8x2 St = 100€) | Berdorf<br>Larochette | Do<br>Do | 30.09.- 25.11.2010<br>05.10.- 30.11.2010 | 19:30-21:30<br>19:30-21:30 | |
| **Excel 1 en portugais**<br>tableur pour débutants<br>(8x2 hrs = 100€) | Echternach<br>Larochette | mer<br>sa | 29.09. – 24.11.2010<br>02.10. – 04.12.2010 | 20:00-22:00<br>19:30-21:30 | |
| **Internetführerschäin**<br>PC-Grundkenntnisse und Einführung ins Internet<br>(7x2 St = 37€) | Bech<br>Rosport | Mo<br>Mi | 04.10. – 22.11.2010<br>13.10. – 01.12.2010 | 14:00-16:00<br>14:00-16:00 | |
| **Internet für Senioren**<br>Tipps und Tricks, Mailbox, in aller Welt kommunizieren<br>(8x2 St = 100€) | Consdorf<br>Echternach<br>Larochette | Di<br>Mo<br>Do | 05.10. – 30.11.2010<br>18.10. – 13.12.2010<br>23.09. – 18.11.2010 | 14:00-16:00<br>14:00-16:00<br>14:00-16:00 | |
| **Introduction PC 1 en portugais**<br>connaissances de base avec le PC (8x2 hrs = 100€) | Echternach<br>Larochette | ma<br>mer | 28.09. – 23.11.2010<br>06.10. - 01.12.2010 | 20:00-22:00<br>19:30-21:30 | |
| **PC Praxis für Senioren**<br>PC-Grundkenntnisse im Umgang mit dem Computer<br>(8x2 St = 100€) | Berdorf | Do | 21.10. – 16.12.2010 | 14:00-16:00 | |
| **Photobuch**<br>Gestaltung eines digitalen Photobuches<br>3x2 St= 50€ | Berdorf<br>Echternach<br>Stegen | mo<br>mi<br>mi | 25.10. – 15.11.2010<br>01.12. – 15.12.2010<br>10.11. – 24.11.2010 | 14:00-16:00<br>14:00-16:00<br>14:00-16:00 | |
| **livre de photo en portugais**<br>créer un album de photo digital<br>3x2 St=50€ | Beaufort<br>Echternach<br>Stegen | mer<br>ma<br>je | 13.10. – 27.10.2010<br>30.11. – 14.12.2010<br>25.11. – 09.12.2010 | 19:00-21:00<br>20:00-22:00<br>19:00-21:00 | |
| **Powerpoint**<br>Vorträge, Präsentationen, Statistiken lebendiger gestalten (3x2 St = 50€) | Bech<br>Nommern | Mi<br>Mi | 01.12. – 15.12.2010<br>20.10. – 10.11.2010 | 14:00-16:00<br>19:00-21:00 | |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Publisher**<br>Produktpräsentationen, Druckpublikationen, Grusskarten, Einladungen<br>(3x2 St = 50€) | Nommern<br>Rosport<br>Stegen | Mi<br>Do<br>Mo | 17.11. – 01.12.2010<br>30.09. – 14.10.2010<br>04.10. – 18.10.2010 | 14:00-16:00<br>14:00-16:00<br>14:00-16:00 | |
| **Publisher en portugais**<br>Confection des invitations, dépliants, cartes etc.<br>(3x2 St = 50€) | Echternach | mer | 10.11. – 24.11.2010 | 20:00-22:00 | |
| **Word 1 en français**<br>traitement de texte pour débutants (8x2 hrs = 100€) | Consdorf | mer | 01.12. – 09.02.2011 | 20:00-22:00 | |
| **Word 1 en portugais**<br>traitement de texte pour débutants (8x2 hrs = 100€) | Larochette<br>Stegen | je<br>ma | 21.10. – 16.12.2010<br>28.09. – 23.11.2010 | 19:30-21:30<br>19:30-21:30 | |
| **Word 1**<br>Textverarbeitung Anfänger<br>(8x2 St = 100€) | Beaufort<br>Echternach | Do<br>Mi | 30.09. – 25.11.2010<br>11.10. – 06.12.2010 | 14:00-16:00<br>20:00-22:00 | |

| Computer Workshop | Ort | Tag | Beginn | Uhrzeit | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Foto Alben & Fotoretusche**<br>Photos bearbeiten und Photoalben auf dem PC zusammensetzen | Consdorf<br>Larochette<br>Rosport | Do<br>Do<br>Mo | 02.12.2010<br>21.10.2010<br>11.10.2010 | 14:00-17:00<br>14:00-17:00<br>14:00-17:00 | |
| **Foto Alben & Fotoretusche en portugais**<br>Enregistrer des images et des photos à partir de scan ou appareil photo | Consdorf<br>Beaufort | je<br>vr | 02.12.2010<br>10.12.2010 | 19:00-22:00<br>18:30-21:30 | |
| **Serienbriefe, Visitenkarten mit Word u. Etiketten** erstellen | Stegen | Do | 25.11.2010 | 14:00-17:00 | |
| **Sicherheit am PC**<br>Anti Virus, Anbringen neuer Technologien-ASL/ADSL | Consdorf | Do | 02.12.2010 | 19:00-22:00 | |
| **Publisher**<br>Einladungen, Grusskarten, Visitenkarten einfach gestalten mit Publisher | Bech<br>Berdorf | Mi<br>Di | 22.09.2010<br>14.12.2010 | 14:00-17:00<br>14:00-17:00 | |
| **Was gibt es alles im Internet:**<br>einkaufen, e-banking, ebay, amazon nach Herzenslust googeln | Echternach<br>Nommern | Mi<br>Do | 29.09.2010<br>02.12.2010 | 14:00-17:00<br>14:00-17:00 | |

**Workshop : 1 x 3 Stunden / 30€**

Einschreibung / Inscription
RIM asbl. / Bureau LEADER Echternach 30, route de Wasserbillig L-6490 Echternach
☎ 26 72 16 31 / 621 54 31 56 - 8:00-12:00 hrs Fax: 26 72 16 32 Email: info@rim.lu www.mu.leader.lu
Überweisung/Virement: Regional Initiativ Mëllerdall - RIM asbl. CCPL IBAN LU22 1111 2401 9826 0000



# Hobby-Säit
# INBORN!
Bandmember
## Jeff Braun-Angelsbierg

www.inborn.lu





**Stell dech an deng Band mol vir...**

Jeff: Ma dat sin de Cédric Kayser - Gesang, Gitar a Keyboard, d'Gebridder Thommes: de Max op der Batterie an de Ben Gitar, an ech op der Basse.
Mir Véier sinn INBORN! a spillen ee Mix aus Rock an Elektro.

**Wéi hutt dir zesummefonnt?**

Jeff: D'Band ass an der Spillschoul zu Gréiwels gegrënnt ginn vum Cédric, Ben a Max. Si hunn deemools zesumme "Queen" gelauschtert.
Ech hunn de Cédric an de Ben zu Diekrich am Lycée kenne geléiert an du war INBORN! komplett.
An deem éischte Joer hu mir ausser Dommheeten awer net vill gemaach - laacht. Ech war an enger Band, konnt awer nach keen Instrument spillen! Domat hunn ech dunn mol ugefaang.
Ab 2002 hu mer dunn eis éischt Concerten gespillt.

**De Moment gëtt vill iwwert iech geschwat, wéi ass et dozou komm?**

Jeff: ...-laacht. Mir waren dest Joer zimmlech aktiv, hunn eis drëtt CD erausbruecht, an haten d'Chance, um "Rock a Field" an um "Rock um Knuedler" ze spillen. Säit engem Joer, hu mir alle véier mat der Schoul opgehal fir eis voll a ganz op d'Musék kënnen ze konzentréieren.
Dat huet sech du ronderëmgeschwat an obwuel mer zu Bréissel gewunnt hunn, hate mir dat ganzt Joer iwwer relativ vill an der Presse.

**Ab Hierscht geht et op Los Angeles, wat erwaart iech do?**

Jeff:...nach si mer net do - laacht... Mee op alle Fall waart do eng grouss, wann net "déi Chance" op eis! Wann alles no Plang verleeft, a mir nach de Rescht u Sue fannen, déi mer brauchen, fir de ganze Projet ze finanzéieren, wäerte mir dräi Meint laang kënnen mam weltbekannten Rock-Produzent "Ross Robinson" eis véiert CD ophuelen.
Deen huet ënner aneren bekannte Bands wéi Korn, Slipknot, Limp Bizkit, Sepultura, an The Cure opgeholl.
Ech profitéieren dann och e bëssi vun dëser Geleeënheet, fir all déi Leit, déi interesséiert sinn, INBORN! fir dee Projet ze ënnerstëtzen, mol eng Kéier op www.fansnextdoor.com kucken ze goen, do fënnt ee weider Infos..., et bleift also nach spannend! - grinst.

**Wat sinn är zukünfteg Pläng?**

Jeff: Ma als aller Éischt, musse mir mol ee ganz gudden Album zu Los Angeles ophuelen.
Mat deem wëlle mir dann sou vill wéi méiglech Leit erreechen. Et kann ee scho soen datt INBORN! grouss international Ambitiounen huet - laacht.
No der Opnahm wëlle mir op jidde Fall sou vill wéi méiglech Concerten op deene verschiddensten Plaze spillen, a vill a verschidde Leit mat eiser Musek begeeschteren.
D'Zil ass op alle Fall, aus eisem "Hobby"- laacht, eise Beruff ze man...

**Ma dat kléngt jo villverspriechend, wëlls du soss nach eppes soën?**

Jeff: ..eeeh...Jo!... Ech well dës Geleenheet notzen, fir mol verschidde Persounen merci ze soen, déi eiser Band gehollef hunn.
An zwar de Gebridder Weis, dem Ralph Kugener, Vic Vrehen, Carlo Pletschette a Kevin Olinger an natierlech och mengen Elteren, déi trotz méi schwieregen Zäiten bei eis doheem, mech weider ënnerstëtzen....a merci dir Ren fir den Interview, lo hat ech dech bal vergiess! - laacht

Text: Ren Spautz & Fotoen: INBORN!













# Grillfest vun de Senioren



Den 1. Juli 2010 hat de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech all hir Memberen op seng tradionell Grillparty invitéiert.
Bei herrlechem Wieder hu sech 70 Leit hei op der Héicht an eisem schéine Veräinshaus zesummefonnt.
Fir Iessen an Drenken war natierlech beschtens gesuergt a mir hunn eis déi 80 Koteletten, 35 Stecker Speck, 40 Grillinger, 20 Mettwurschten an 10 Kéiswuppen gutt schmaache gelooss.
Do derniewent gouf et och Kaffi a ganz vill Kuch an Taart.
Duerfir sidd Dir all scho fir d'nächst Joer häerzlechst invitéiert.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Fotoen: Dany Hermes





**Bauchtanz ist weiblich**
**...heilend und gefühlvoll:**
**Lebensfreude pur**

# Erleben Sie ein neues Körpergefühl und intensivere Lebensfreude!

**Orientalischer Tanz** ist vielmehr als nur Bauchtanz!
Der **Orientalische Tanz** ist die älteste Form des Tanzes!

Dieser weiblichste aller Tänze findet heute wieder großen Anklang, weil er Phantasien aus 1001 Nacht weckt, ein neues Körpergefühl vermittelt, die Harmonie von Geist und Seele fördert und außerdem beiträgt, den Altagsstress abzubauen.

Immer mehr Frauen jeden Alters entdecken diesen Tanz, die Freude an den malenden Bewegungen der Hüfte, dem Kreisen, dem Wiegen und Schwingen im Rhythmus ihres Körpers.

Er ist nicht nur schön anzuschauen, er sorgt auch für eine gute Haltung und ist eine Alternative zu herkömmlichen Gymnastikprogrammen und Fitnessübungen.

Mit diesem Tanz können Sie Ihre Gefühle, Ihre Weiblichkeit und Ihr Temperament zum Ausdruck bringen. Jede Frau kann den **Orientalischen Tanz** erlernen und ihre Weiblichkeit neu entdecken...

Ausgehend von der eigenen Mitte, dem Bauch und Nabelzentrum, werden alle Körperbereiche bewegt, tanzend "zum Leben erweckt". Dies ist wohltuend. Es fördert die Beweglichkeit von Muskeln und Gelenken, der Rücken kann aufatmen und die Seele feiert.

Meine Kurse beginnen mit einer Aufwärmphase und Übungen für Haltung, Muskelaufbau und Beweglichkeit. Im Weiteren werden die komplexen Bewegungen des **orientalischen Tanzes** erlernt und im freien Tanz oder Choreographie umgesetzt.

Die Kurse klingen mit einer Stretch und Entspannungsphase aus:
**Orientalischer Tanz Level 1.1**
NEUER ANFÄNGER – KURS ! Ab dem 16. 09. 2010 in Larochette, FILANO Sporthalle (kleiner Saal)
Donnerstags von 20:00 - 21:15 Uhr (außer in den Ferien)
10 x 75 Minuten, Unkostenbeitrag: 50 €
Mindestteilnehmerzahl mindestens 6, maximal 12 Personen.

**Orientalischer Tanz Level 1.2**
ANFÄNGER KURS mit Vorkenntnissen
Ab dem 16. 09. 2010 Donnerstags (gleicher Ort) von 18:30 - 19:45 Uhr (außer in den Ferien)
10 x 75 Minuten, Unkostenbeitrag: 50 €
Mindestteilnehmerzahl : mindestens 6, maximal 12 Personen. Hier sind noch Plätze frei !

**Info:** Fit & Aktiv Nommern B. Wampach, Tel 00352 621 147 647 oder 0049 1787185122
**Emailadresse:** fit.aktiv@power.ms



راخشانده



# Schoulfe

## So ein sch

… war eine Strophe aus dem Gewinnerlied der Mini-Playback-Show. Und das hätte nachträglich das Thema des Schulfestes sein können.



Doch eins nach dem anderen: Am 9. Juli 2010 starteten die Kinder morgens mit dem Lehrpersonal, um an insgesamt 9 Stationen in Angelsberg und Umgebung die Besonderheiten der 4 Elemente Erde, Luft, Wasser und Feuer spielerisch und sportlich zu erfahren.

Schon zur Tradition geworden, kamen sie zum Mittagessen in die Schule. Dort wartete die Elternvereinigung mit Spaghetti Bolognaise und Dessert auf die hungrigen Mäulchen. Nach einer kurzen Pause ging es dann bis 16:00 Uhr weiter mit den 4 Elementen.



Anschließend sorgte das Komitee der Elternvereinigung mit Unterstützung von vielen Helfern (Danke an dieser Stelle – ohne euch geht es nicht!) für Essen, Trinken und reichlich Unterhaltung. Die Kinder standen Schlange beim Face-Painting und kamen mit wunderschönen Bildern auf ihren Gesichtern zurück. Twister war auch angesagt: Das Spiel, bei dem man einen Knoten in Arme und Beine bekommt und zum Schluss einfach umfällt. Die Tombola war eingeschlagen wie ein Blitz, nachdem sich herumgesprochen hatte, dass jedes Los ein Gewinn ist. Das Glücksrad war wie immer ein beliebter Anziehungspunkt für die Kinder.



Die Elternvereinigung hatte Überraschungen angekündigt und die gab es dann auch. Zuerst wurde Joffer Marie-Jeanne Schlechter-Kremer auf die Bühne gerufen. Sie ging mit Ende des Schuljahres in Pension. Nach und nach kamen die Kinder ihrer Spielschul-Klasse 2009/2010 mit Blumen und Geschenk zu ihr. Ihnen folgten die ehemaligen Schüler von 1981/1982. Das war die erste Spielschul-Klasse, die Marie-Jeanne in der Gemeinde Fischbach hatte. Zwei Damen aus Marie-Jeannes Berufsleben waren ebenfalls der Einladung nachgekommen: Lilli Moro. Sie hat viele Kinderlieder in luxemburgischer Sprache getextet, die von Marie-Jeanne sehr gerne mit den Kindern gesungen wurden. Zu der Gruppe kam dann noch Frau Hilger-Konrad: Bei ihr hat Marie-Jeanne ihr Praktikum gemacht und vor allen Dingen ihr Examen bestanden. Ein gemeinsames Lied hat diese Überraschung abgerundet.

# est 2010

## öner Tag ...



Das 6. Schuljahr sorgte mit ihren originellen T-Shirts, einem coolen Abschiedsrapp und Geschenken für ihre Lehrer ebenso für Überraschung. Die Elternvereinigung überreichte allen Kindern aus dem 6. Schuljahr ein Abschiedsgeschenk.

Edmond Haas erhielt als Schulpräsident stellvertretend für die „Angsber Schoul“ von der Elternvereinigung einen Scheck in Höhe von 500,- €. So kommen die Einnahmen – u.a. vom Schulfest – den Kindern wieder zugute.



Der Höhepunkt des Tages war sicher die Mini-Playback-Show. Insgesamt 19 Kinder hatten den Mut auf die Bühne zu gehen und das Publikum zu begeistern. Die Stimmung war unglaublich gut und der Applaus lange anhaltend. Luigina Zens hat hervorragend die Show moderiert und Action DJ's für den musikalischen Rahmen gesorgt.

Die Jury, Marco Karier, Livia Vivas, Michèle Wagner und Diane Becker, hatte eine wirklich schwere Aufgabe zu erfüllen: aus 9 Auftritten – einer besser als der andere – die besten 3 herauszusuchen. Und es ist keine Frage: Alle Kinder, die mitgemacht haben, waren an diesem Tage Gewinner. Auf Platz 3 kamen Kay und Julien mit „Monsta“. Auf Platz 2 Céline und Alexandra mit „Tik Tok“ und auf Platz 1 kamen Ben, Jenny, Chiara und Noémie mit dem „Fliegerlied“ und alle sangen gemeinsam „Heut' ist so ein schöner Tag …!“.

Nach einer kleinen Pause wurde der Schulgarten offiziell eingeweiht (siehe separater Artikel).

Zum Abschluss lieferte das traditionelle Fußballmatch „Kinder aus dem Cycle 4 gegen ihre Eltern“ ein äußerst spannendes Spiel. Obwohl die Eltern (es waren diesmal nur Väter) lange Zeit in Führung lagen, holten die Kinder auf und gewannen das Match 4 : 3. Gratulation vom Redaktionsteam!

Wir wünschen allen schöne Ferien und noch viele Tage, an denen wir sagen „Heut' ist so ein schöner Tag“.

Text: Andrea Wagner & Fotos: Marc Kolber und Michèle Wagner













# Schoulfest 2010

## So ein schöner Tag ...in Bildern












# Aweihung vum Schoulgaart







Den 9. Juli ass de Schoulgaart ganz offiziell ageweiht ginn. Heibäi huet de Gaart an Heem der Schoul e Scheck vun 2.000.- Euro iwwerreecht. Dës Sue gi gebraucht, fir eng Reewaasseropfanganlag opzeriichten an nach aner Saachen unzeschafen, déi gebraucht ginn.

Dem Gaart an Heem war et méiglech, dës Suen ze iwwerreechen, well um Schluechtfest gutt geschafft ginn ass, an sech vill Leit fräiwëlleg un dëser viller Aarbecht bedeelegt hunn.

Dofir riichte mir nach eng Kéier e grousse Merci u si, an dem Schoulgaart wënsche mir vill Erfolleg.

Text: Christiane Kirtz
Fotoen: Marc Kolber

# Groussherzog

## 1896-



D'Prinzessin Charlotte ass 1896 als zweet Kand vum Grand-Duc Guillaume op d'Welt komm. Well hir eeler Schwëster Marie-Adeläide den 10. Januar 1919 op den Troun verzicht huet, ass Si den 18. Januar 1919 Grande-Duchesse ginn.

Nach am selwechte Joer, de 6. November huet Si de Prënz Félix de Bourbon-Parma, nodeems hien de 5.November d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl huet an esou Prënz vu Lëtzebuerg war, bestuet.

De 5. Januar 1921 gëtt den Ierfprënz Jean zu Bierg gebuer an 1924 ass hir Schwëster Marie-Adeläide am jonken Alter vun 29 Joer gestuerwen.

Den 10. Mee 1940 kommen däischter Zäiten op eist Land zou: Nazi-Däitschland iwwerfält Lëtzebuerg a besetzt mat senger Arméi, der "Wehrmacht" eist Land.

D'Grande-Duchesse Charlotte muss mat hirer Famill an den Exil a Frankräich, Portugal, Amerika, Kanada an an England.

Amerikanesch Truppen befreien den 10. September 1944 Lëtzebuerg vun der däitscher Kniechtschaft. De 14. Abrëll 1945 kënnt d'Grande-Duchesse Charlotte no bal 5 Joer am Exil erëm heem an hiert Land.

Den 9. Abrëll 1953 bestuet den Ierfgroussherzog Jean d'Prinzessin Joséphine-Charlotte, Duechter vum belsche Kinnek. De 16. Abrëll 1955 kënnt den Ierfprënz Henri op d'Welt.

D'Groussherzogin Charlotte gëtt den 12. November 1964 d'Kroun zu Gonschten vum Ierfgroussherzog Jean weider, deen domat Grand-Duc vu Lëtzebuerg gëtt.

Den 8. Abrëll 1970 stierft hire Mann, de Prënz Félix, am Alter vu 77 Joer.

Den Ierfgroussherzog Henri bestuet sech de 14. Februer 1981 mat der Joffer Maria Teresa Mestre, déi doduerch Ierfgroussherzogin vu Lëtzebuerg gëtt.

Am Alter vun 89 Joer verléisst d'Groussherzogin Charlotte eis fir ëmmer, et war dëst den 9. Juli 1985.

Text: Ren Spautz a Fotoen: Marc Kolber

# gin Charlotte
## -1985

Zu Eiere vum 25. Doudesdag vun eiser onvergiesslecher Groussherzogin Charlotte huet de Comité Alstad a.s.b.l. an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Wort eng Ausstellung iwwert hiert Liewen organiséiert, déi vum 8. Juli bis den 1. August 2010 am Konschthaus "Beim Engel" an der Stad gewise gouf.
Duerno mécht d'Ausstellung eng Rees a verschidde Gemengen an als Fëschber Gemeng duerfe mir houfreg sinn, déi éischt Gemeng ze sinn, wou dës Ausstellung hir Dieren opmécht.
De Rol Miny, Awunner aus eiser Gemeng, huet zesummen mam Rob Goldschmit, fréieren Awunner vu Fëschbech, nach e ganze Koup Material zesummegesicht, fir esou dëser Ausstellung e Fëschbecher Touch ze ginn, Fëschbech, wou d'Groussherzogin Charlotte en Deel vun hirem Liewen verbruecht huet.
De 4. August war d'Inauguratioun vun dëser Ausstellung zu Schous am Veräinshaus. D'Marianne Brosius, Buergermeeschtesch vun der Gemeng Fëschbech, huet an hirer Begréissung déi sëllegen Éieregäscht begréisst.
De Präsident, de Generalsekretär an de Fotograf vum Komitee Alstad, d'Häre Jean-Mathias Goerens, Claude Esch a Carlo Hommel.
Den Historiker, den Här Prof. Dr. Paul Dostert.
De „maréchal honoraire de la cour", den Här Guy de Muyser.
Den Här Ludig, vun der „Administration des Biens de S.A.R. le Grand-Duc".
Den Här Colonel Mignon.
Den Abbé André Heiderscheid.
De fréiere Parlamentspräsident an Europa-Parlamentarier, den Här Jean Spautz.
D'Parlamentarier, d'Häre Mill Majerus a Bim Diederich.
Eise Lokal-Historiker a Mat-Organisator, den Här Rol Miny an déi zwee Kierchechéier vu Fëschbech an Angelsbierg an all déi Leit, déi sech deen Owend am Respekt un d'Undenken vun der „Grande Dame" der Grand-Duchesse Charlotte, hei am Veräinsbau op der Héicht zu Schous, versammelt hunn.
No der Usproch vun eiser Buergermeeschtesch war et den Här Goerens, deen d'Wuert ergraff huet, éier den Historiker an engem 45 Minuten laangen Exposé op d'Liewen vun der Grande-Duchesse agaangen ass.
Gesanglech ass dësen Owend verschéinert ginn duerch eis zwee Gesangveräiner.









# Programm August - Dezember 2010

www.mierscher-lieshaus.lu

* Anmeldung erforderlich : 26 32 21 13

Mierscher Lieshaus
Lieshaus - D'Loscht um Lie-en
Ëffentlech Bibliothéik an Internetstuff

| Tag | Datum 2010 | Zeit | Wo | Veranstaltung | Info |
|---|---|---|---|---|---|
| Dienstag | 10.08. | 10-12 Uhr | Lieshaus | Ferien-SCHREIBWERKSTATT für Kinder | **Kreatives Schreiben** mit : Wally DIFFERDING ) → **Teilnahmegebühr 5 €*** für Kinder vom 3. – 6. Schuljahr |
| Mittwoch | 22.09. | 19 Uhr | Lieshaus | LITERATURZIRKEL | **Herta MÜLLER, (Literaturnobelpreis 2009), Atemschaukel** Moderation: Wally DIFFERDING, Teilnahme gratis |
| Freitags | 24.09. | 19.30-22 Uhr | Lieshaus | KREATIVES SCHREIBEN für Erwachsene | **Neuer Zyklus: 5x** → 75 €*; Weitere Termine:15.10./12.11./10.12./14.01.2011 |
| Wochenende | 2./3.10. | Sa: 10-17 Uhr So: 10-ca.13 Uhr | Lieshaus | Märchen-SCHREIBWERKSTATT für Erwachsene | Leitung: Wally DIFFERDING. **Kreatives Schreiben, das Märchen „Frau Holle" steht im Mittelpunkt.** → 60 €* |
| Donnerstag | 21.10. | 20 Uhr | Centre Culturel Helmdange | KONFERENZ | **Heinz GÜNNEWIG** (Uni Luxemburg), **„Die Geburt des Peter Pan - Das turbulente Leben des britischen Dramatikers James Matthew Barrie".** Für Lehrer, Eltern, Studenten und sonstige Interessenten. |
| Di, Mi, Do, Fr | 2.11.-5.11. | 9 – 12 Uhr | Grundschule Cecile Ries, Mersch | Kunst-WORKSHOP für Kinder | **Wie entsteht ein Buch? Wir stellen ein ganz persönliches Buch her** Kosten noch unbekannt * |
| Wochenende | 13./14.11. | Sa: 10-17 Uhr So: 10-ca.13 Uhr | Moesdorf, Vereinshaus | Sprech-Schreib-WORKSHOP Die vier Elemente: Feuer, Wasser, Erde, Luft. | **Kreatives Schreiben und Übungen zur Sprachgestaltung** unter der Leitung von Wally DIFFERDING und Jessica HERNANDEZ → 60 €* |
| Mittwoch | 17.11. | 19 Uhr | Lieshaus | LITERATURZIRKEL | Literaturfans setzen sich mit dem Buch von Roger **MANDERSCHEID, Kühe im Nebel,** auseinander. Teilnahme gratis |
| Samstag | 11.12. | 15-ca. 18 Uhr | Lieshaus | KREATIVES SCHREIBEN für Erwachsene | Thema: **„Wortspielereien mit Tinte und Papier"** zur Lisière „Spiel und Recht" vom >Kulturhaus. Leitung: Wally Differding → **Teilnahmegebühr 20 €*** |
| Samstag | 11.12. | 11:30 Uhr | Lieshaus | Vernissage | **Ausstellung der Werke vom Kunst-Workshop für Kinder Ehrenwein/ Ausstellung: bis Ende Januar** |
| Dienstag Mittwoch | 21.12. 22.12. | 10-ca. 12 Uhr | Lieshaus | Ferien-SCHREIBWERKSTATT für Kinder von 9-13 Jahren | **Thema: „WAS wird gespielt?"** Schreibwerkstatt zur Lisière „Spiel und Recht" vom Kulturhaus. Leitung: Wally Differding → **Teilnahmegebühr 20 €*** für beide Tage |



# Olivier Molitor-Wildtiere
# Der Schwarzstorch

Och dëse Schwaarzstorch muss gewosst hunn, dass den 1. Mee Feierdag ass, well op dësem Dag huet hien en Tëschestopp an der Fëschber Seitert ageluecht.
Hie kënnt virun allem an Nord- a Mëtteleuropa, awer och an Asien vir. Hien ass e bësse méi kleng wéi de Wäissstorch, ass ongeféier 1 Meter laang, a gëtt bis zu 3 kg schwéier. Am Géigesaz zu sengem Koséng lieft hien als ganz scheie Bewunner an alen, geschlossene Bëscher, wou Waasser dra virkënnt (stëll a fléissend Waasser). Fir sech u säi Liewensraum kënnen unzepassen, huet hien eng Fluchtechnik entwéckelt, bei deeër hien d'Flilleken am Karpalgelenk staark ofwénkele kann, wouduerch di grouss Spanweit vun de Flilleken vun ongeféier zwee Meter, zolidd reduzéiert ka ginn. Dës Manéier fir ze fléie mécht him et méiglech, fir ouni Problem an de Krouneberäich anzefléien. Och e bessert Manövréieren am Bësch gëtt doduerch méiglech.
De Schwaarzstorch ass ganz empfindlech, wann een hie stéiert, an hält sech dowéngst wäit ewech vu mënschleche Siedlungen op.
Am Géigesaz zum Wäissstorch ass hie stëmmbegabt. Nieft dem Klappere mam Schniewel ass e breede Repertoire vu luesen an haarde Riff a Gesäng säin Eegen.
Hie frësst virun allem Déieren, déi am oder beim Waasser liewen (Fësch, Fräschen, Ollemen, …), awer och réigelméisseg Planzen (Moosen, Waasserplanzen, …), déi hien och u seng Jong verfiddert.
Säin Nascht, wuer hien normalerweis 4 Eeër dra leet, baut e meeschtens an den ieweschten Drëttel vun de Beem.
Fir ze iwwerwantere flitt hien all Joer nees zréck no Afrika. Dës Rees trëtt hie Mëtt August bis Enn September un. Da flitt hie meeschtens tëschent 100 an 250 Kilometer pro Dag, awer och bis zu iwwert 500 Kilometer. Déi asiatesch Schwaarzstorchen iwwerfléie souguer den Himalaya, sou datt een der bis iwwert 8000 Meter nach ka gesinn.
Déi europäesch Schwaarzstorchbestänn huele besonnesch am Weste vu Mëtteleuropa zanter ongeféier 25 Joer liicht zou. Et si Bruttplazen a Rheinland-Pfalz an Nordrhein-Westfalen bekannt. Am Grousse Ganze gëtt den europäesche Bestand op 7000-11000 Puer geschat, wat ongeféier d'Halschent vum Weltbestand duerstellt.
De Moment gëtt dës Aart trotz dem positive Populatiounstrend mat R (= rare-selten) agestuft.

Text a Foto: Olivier Molitor

**Equipes:**
2-6 participants de tout âge

**Départ:**
entre 11:00 et 15:00 heures

**Modalités:**
Départ possible à tout poste de contrôle
Passage obligatoire à 3 postes au minimum
Jeux et questionnaires aux postes de contrôle
Prix de récompense aux meilleures équipes

Petite restauration en route

Possibilité d'utiliser le train avec le vélo.
Des billets gratuits seront remis à chaque équipe.

16-22 SEPTEMBRE
SEMAINE EUROPÉENNE DE LA MOBILITÉ

www.mobiliteit.lu

**Remise des prix vers 17h00 dans le parc communal à Mersch**

Challenge entre les Bourgmestres des 13 communes

### *Conditions de participation*

Le Code de la Route est à respecter consciencieusement. La participation se fait aux risques et périls des participants. L'assurance contre les accidents et l'assurance responsabilité civile sont à charge des participants.

Le port du casque est vivement recommandé. Par son inscription chaque participant accepte les présentes conditions.

### *Teilnahmebedingungen*

*Die Straßenverkehrsordnung ist strikt einzuhalten. Die Teilnahme erfolgt auf eigene Gefahr. Unfallversicherung und Haftpflichtversicherung sind zu Lasten des einzelnen Teilnehmers.*

*Das Tragen eines Sturzhelmes wird wärmstens empfohlen. Durch seine Anmeldung erkennt jeder Teilnehmer die vorliegenden Teilnahmebedingungen an.*

**La route CR 123** (Mullendorf - Hunsdorf - Gosseldange - Mersch) **sera réservée entre 10h00 et 19h00 aux cyclistes.**

**Sponsors:**

Bike World, Ostergaard's, Sales-Lentz, Voyages Ecker, Freelander's Sports, CFL, Pidal Club, Viva, Krounebierg

et les 13 communes
dans le cadre de la Semaine de la Mobilité

# Rallye régional à vélo

## dimanche 19 septembre 2010



**«Spaass + Spill fir d'ganz Famill»**

**Trajet/*Strecke A: 78.5 km – B: 41.2 km***

**● Départ Arrivée / *Start Ziel***
Parc de Mersch
**P Parking Schlasspesch**



**Vestiaires Douches / *Umkleideräume Duschen***
Sous-sol du "Kulturhaus" (parking Dexia BIL)

**Ravitaillement et Poste de contrôle**
***Verpflegung und Kontrolle***
Cruchten 34 km, Fischbach 51 km

**Tirage au sort parmi les participants – beaux prix**
***Auslosung von interessanten Preisen unter den Teilnehmern***

**Départ / *Start***
entre 8.00 et 10.00 heures Parc de Mersch
Un départ groupé partira à 9.30 heures

### Conditions de participation

Le Code de la Route est à respecter scrupuleusement. La participation se fait aux risques et périls du randonneur. L'assurance contre les accidents et l'assurance de responsabilité civile sont à la charge du participant. Il ne s'agit pas d'une compétition et il ne sera établi aucun classement. Les voitures suiveuses ne sont tolérées que dans la mesure où elles ne gênent ni les participants ni la circulation.

Le port du casque est vivement recommandé. Par son inscription chaque participant(e) accepte les présentes conditions.




### *Teilnahmebedingungen*

*Die Straßenverkehrsordnung ist strikt einzuhalten. Die Teilnahme erfolgt auf eigene Gefahr. Unfallversicherung und Haftpflichtversicherung sind zu Lasten des einzelnen Teilnehmers. Es handelt sich nicht um einen Wettbewerb, auch wird keine Klassierung erstellt werden. Begleitwagen sind weder verboten noch erwünscht.*

*Das Tragen eines Sturzhelmes wird wärmstens empfohlen. Durch seine Anmeldung erkennt jeder Teilnehmer die vorliegenden Teilnahmebedingungen an.*

© Commune de Mersch – faber

# 3^e^ Randonnée du Centre

## 19 septembre 2010

**organisée par 13 communes**

**dans le cadre de la semaine de la mobilité**

**Départ / Arrivée à MERSCH (Parc)**

**Le signal de départ pour la randonnée en groupe sera donné à 9h30 par M. Jempy Schmitz (ancien cycliste prof.)**



Bissen, Walferdange, Boevange, Tuntange, Colmar-Berg, Steinsel, Fischbach, Nommern, Heffingen, Larochette, Lintgen, Lorentzweiler, Mersch